N°4629
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°4629 du 18 août 2026 de l'honorable député Tom Weidig au sujet de la brochure "Plan d'action 2026-2030" de "LuXembourg Let's make it happen"

1. Aus wéi enge Grënn ass d'Broschür "Plan d'action 2026-2030" vun "LuXembourg Let's make it happen" ausschliisslech op Franséisch verfügbar?

Den Aktiounsplang 2026–2030 vu „LuXembourg – Let's Make It Happen" (LMIH) gouf den 12. Juni 2026 vum Regierungsrot ugeholl an den 22. Juni 2026 veröffentlecht, gläichzäiteg mam offizielle Start vun de Feierlechkeete fir den 10. Anniversaire vun LMIH.

Déi franséisch Versioun war deemno déi éischt publizéiert Versioun vum Dokument. Iwwersetzungen op Lëtzebuergesch an Englesch si virgesinn. An deem Kontext huet den 30. Juli 2026 en Austausch mam Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch stattfonnt, fir déi lëtzebuergesch Versioun vum Dokument virzebereeden.

2. Firwat gëtt de Site net och op Däitsch ugebueden?

Den LMIH.lu-Internetsite ass, genee wéi den Aktiounsplang 2026–2030 vu LMIH, e strategeschen Outil, deen sech an éischter Linn un d'Acteure vun der Promotioun vu Lëtzebuerg riicht. E gëtt an dräi Sproochen ugebueden: Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch.
Fir de breede Public huet LMIH de Site LetsMakeItHappen.lu entwéckelt, op deem ënner anerem déi verschidde Campagnë vun der Initiativ ze fanne sinn. Dëse Site ass a véier Sprooche verfügbar: Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch an Däitsch.

3. Ass den Här Minister der Meenung, datt eng eesproocheg franséisch Presentatioun mat der Gläichberechtegung vun den administrative Sproochen an dem Prinzip vun der Méisproochegkeet konform ass?

D'Méisproochegkeet ass e wichtege Bestanddeel vun der LuXembourg – Let's Make It Happen-Initiativ a gëtt an hire verschiddene Kommunikatiounsinstrumenter reegelméisseg ervirgehuewen. D'Wiel vun de Sprooche gëtt dobäi jee no Zilgrupp, Zweck a Kommunikatiounskanal ugepasst.

4. Wéi bewäert den Här Minister d'Tatsaach, datt vill Residenten net iwwer genuch Franséischkenntnisser verfügen, fir all d'Informatiounen an dëser Broschür ouni Schwieregkeeten ze verstoen?

Wéi schonn uewe präziséiert, riicht sech den „Aktiounsplang 2026–2030" net spezifesch un d'Residenten oder un de breede Public, mee an éischter Linn un d'Acteure vun der Promotioun vu Lëtzebuerg.

5. Ginn et Pläng, d'Broschüre vun "LuXembourg Let's make it happen"an Zukunft och op Lëtzebuergesch an/oder Däitsch verfügbar ze maachen? Wa jo, bis wéini? Wann nee, firwat net?

Heizou gëtt op d'Äntwert op d'Fro 1 verwisen.

Luxembourg, le 20/08/2026

Le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles